**Antwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil a vum Aarbechtsminister op d'parlamentarescher Fro N°288 vum Här Deputéierten Marc Goergen**

Onofhängeg vum Fall wou de Revis gekierzt gëtt oder gestrach gëtt wéinst dem Depassement vum Plaffong bis zu deem ee Revis ka kréien, ass et wichteg als éischt drun ze erënneren datt am ëmgeännerte Revisgesetz vum 28. Juli 2018 zwou Aarte vu Sanktioune virgesi sinn.

Wann d'Beneficiaire net mam Office national d'inclusion sociale (ONIS) zesumme schaffen, kann eng Sanktioun geholl gi bei där den FNS eng Kierzung vun der Prestatioun virhëlt. A méi schlëmme Fäll kann den Dossier vum Beneficiaire och fir de lafenden de Mount an déi 3 follgend Méint clôturéiert ginn. Duerno kann eng nei Demande gemaacht ginn.

Wann d'Beneficiairen net mat der Agence pour le développement de l'emploi (ADEM) zesummen aschaffen, kritt den FNS eng Notifikatioun a clôturéiert de Revisdossier vun der betraffener Persoun op de lafende Mount a fir déi dräi Méint drop. Duerno kann eng nei Demande gemaacht ginn.

**1)**

An de leschte 5 Joer huet den **FNS** bei follgender Unzuel vu Persounen eng Kierzung vun der Prestatioun wéinst engem Manktem u Collaboratioun mam ONIS gemaacht:

| | |
|---|---|
| 2019 | 57 Persounen |
| 2020 | 72 Persounen |
| 2021 | 65 Persounen |
| 2022 | 85 Persounen |
| 2023 | 94 Persounen |

An de leschte 5 Joer huet den **FNS** bei follgender Unzuel vu Persounen eng Clôture vun hirem Revisdossier wéinst engem onzefriddestellenden Zesummeschaffen mam ONIS gemaacht:

| | |
|---|---|
| 2019 | 26 Persounen |
| 2020 | 35 Persounen |
| 2021 | 35 Persounen |
| 2022 | 39 Persounen |
| 2023 | 49 Persounen |


An de leschte 5 Joer huet den **FNS** bei follgender Unzuel vu Persounen eng Clôture vun hirem Revisdossier wéinst engem onzefriddestellenden Zesummeschaffen mat der ADEM gemaacht:

| | |
|---|---|
| 2019 | 311 Persounen |
| 2020 | 482 Persounen |
| 2021 | 656 Persounen |
| 2022 | 635 Persounen |
| 2023 | 152 Persounen |

Fir dës ganz Period stellen Kierzungen 11,65%% vun allen Sanktiounen an d'Schleissunge vun den Dossieren 88,35% duer.

Wéinst der Zouverlässegkeet vun den Donnéeën, kann d'ADEM just déi zwee lescht Jore weiderreechen.

D'Zuel vun de Sanktiounen déi d'ADEM ausgeschwat huet géint Bénéficiairen vum REVIS déi bei der ADEM ageschriwwen an ënnert hirer Kompetenz sinn, loung 2022 bei 999 a bei 1302 am Joer 2023. Et sinn 854 Leit déi 2022 op d'mannst eng Sanktioun kritt hunn, an 912 am Joer 2023. Vun all de REVIS-Bénéficiairen déi bei der ADEM ageschriwwen an ënnert hirer Kompetenz sinn, hunn also 89% keng Sanktioun an de Joren 2022 an 2023 kritt.



**2)**

An de leschte 5 Joer huet den FNS d' Bezuelen vum Revis wéinst Depassement bei follgender Unzuel vun Dossieren agestallt (Zuelen wou eng Kierzung vum Revis wéinst neie Revenuen gemaacht ginn ass, leien net vir well eng Kierzung och aus anere Grënn ka virgeholl ginn):

2019 2051 Dossieren
2020 2331 Dossieren
2021 2736 Dossieren
2022 2838 Dossieren
2023 2379 Dossieren

Bei der **ADEM** sinn op d'Joren 2022 an 2023, 563 Recoursen agereecht ginn; dat si 24% par rapport zu den ausgeschwate Sanktiounen.

**3)**

D'Zuele vu Recoursen géint eng Decisioun vum ONIS (non collaboration) si follgend fir déi lescht 5 Joer:

2019 3 Recoursen déi 3,61% duerstellen vun all den betraffene Persounen
2020 14 Recoursen déi 13,08 % duerstellen vun all den betraffene Persounen
2021 3 Recoursen déi 3 % duerstellen vun all den betraffene Persounen
2022 9 Recoursen déi 7,25 % duerstellen vun all den betraffene Persounen
2023 7 Recoursen déi 4,89 % duerstellen vun all den betraffene Persounen

D'Zuele vu Recoursen géint eng Sanctioun vun der Adem (non collaboration) si follgend:

2019 Keng Zuelen disponibel
2020 7 Recoursen déi 1,4%% duerstellen vun all den betraffene Persounen
2021 18 Recoursen déi 2,7% duerstellen vun all den betraffene Persounen
2022 14 Recoursen déi 2,2% duerstellen vun all den betraffene Persounen
2023 20 Recoursen déi 13,2% duerstellen vun all den betraffene Persounen

**4)**

Den **FNS** féiert keng Statistik vun Dossieren déi opgrond vun engem Recours beim Conseil arbitral de la sécurité sociale oder vum Conseil supérieur de la sécurité sociale ëmgeännert gi sinn.

Bei der **ADEM** sinn op d'Joren 2022 an 2023, 23 Sanktioune reforméiert ginn; dat si 4% vun all de Recoursen

**5)**

Déi concernéiert Ministèren si mat der Ëmsetzung vun der Revisetude befaasst an hunn och schonn eng Rei vu Mesuren, déi schnell konnte geholl ginn an déi der Etude Rechnung droen, an d' Weeër geleet. Déi Aarbechten wäerten an den nächste Wochen a Méint weider gefouert ginn. An deem Kontext ginn natierlech all d'Recommandatioune déi gemaacht gi sinn, analyséiert.

Lëtzebuerg, den 28.03.2024

Den Minister fir Famill, Solidaritéit,

Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn